N°2357
Entrée le 19.06.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth op d'parlamentaresch Fro n°2357 vum 21. Mee 2025 vum éierbaren Deputéierten Jeff Engelen

**1) Wéi vill Steiervignette si säit der Aféierung vun der Digitaliséierung iwwer MyGuichet bezu ginn, amplaz, datt d'Leit sech se heemschécke gelooss hunn, souwuel ausgedréckt an absolutten Zuelen, wéi och a Prozent?**

Iwwer de MyGuichet sinn op den 11. Juni 2025 20.784 Persounen op déi elektronesch Steiervignette abonéiert. Eng Persoun kann dobäi e puer Gefierer, an domat op sengem MyGuichet och e puer Steiervignetten, hunn.

Insgesamt si 427.929 Vignetten am Ëmlaf déi hätte kéinten iwwert MyGuichet uefrot ginn.

**2) Kann d'Madamm Minister elaboréieren, firwat d'Leit déi heivu Gebrauch maachen, am Fall vun enger Kontroll weiderhin en ausgedréckte Pabeier mussen dobäi hunn, amplaz de Beamten alternativ dierfen de PDF op hirem Handy (oder engem aneren elektroneschen Apparat) ze weisen? Bis wéini ass hei eng Ännerung virgesinn?**

Den Artikel 70 vum groussherzoglechen Arrêté vum 23. November 1955 iwwert d'Reegelung vum Verkéier op allen ëffentleche Stroossen gesäit vir, wéi eng Bord-Dokumenter (documents de bord) ee Chauffeur vun engem zu Lëtzebuerg immatrikuléierte Gefier op Demande vun engem Beamte vun der Police respektiv der Douane muss virweisen. Dozou gehéiert ggf. nom Punkt 6 vun dësem Artikel och d'Steiervignette. Kann de Chauffer keng valabel Steiervignette virweisen, ass een Avertissement taxé (AT) vu 24 Euro virgesinn.

**3) Mussen d'Leit, déi sech iertemlech drop verloossen, datt et duergeet, déi elektronesch Form um Handy ze hunn, am Fall vun enger Kontroll automatesch e Protokoll bezuelen? Falls jo, kann d'Madamm Minister matdeelen, wéi vill där Protokollen, wou d'Leit zwar hir Autossteier vollstänneg an am Delai bezuelt haten, awer d'Vignette just änner elektronescher Form matgefouert hunn, säit der Aféierung vum System geschriwwe goufen? Wéi vill Recetten sinn dem Staat doduerch entstanen?**

2024 huet d'Douane keen Avertissement taxé ausgestallt well keng physesch Steiervignette konnt virgewise ginn.

**4) Wéi vill Käschten huet de Staat doduerch agespuert, datt d'Leit d'Vignette net méi hu missen heemgeschéckt kréien?**

Wéivill Käschten domat gespuert konnte ginn, ass net bekannt.

**5) Kann d'Madamm Minister matdeelen, ob virgesinn ass, de Beamten zukünfteg Zougrëff op déi entspriechend Datebanken ze ginn, fir, datt si d'Vignette och alternativ kënne selwer iwwerpréiwen, ouni, datt de Bierger se um Pabeier dobäi huet?**

Souwuel d'Police wéi och d'Douane hunn haut d'Méiglechkeet d'Informatiounen a Saache Steiervignette elekronesch ze verifizéieren.

Lëtzebuerg, den 18. Juni 2025
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth